



Fir datt et am Wanter angeneem waarm an eise Wunnengen ass, musse mir eist Doheem hëtzen. Hautdesdaags ginn et verschidde Méiglechkeeten, fir en Haus oder en Appartement waarm ze kréien a mat e puer Tricker kann een do och nach e gudden Batz Geld spueren. Lies weider fir méi doriwwer gewuer ze ginn.

D'Entdeckung vum Feuer huet d'Hëtzen erméiglecht

An der Steenzäit hunn d'Urmënschen als éischt geleiert, d'Feier ze notze fir sech ze wiermen an ze kachen. Bis an d'Mëttelalter war d'oppen Holzfeier an der Wunneng déi duerchgängeg Technik fir dës ze wiermen. An der Antik a bei de Reimer gouf et awer och scho méi developpéiert Systemer, fir d'Hëtzt an d'Wunneng ze bréngen. Hei gouf d'Feier bausse gemaach an de waarmen Damp duerch Hielräim, déi mat Material déi Wërmt späichere verkleet waren, geleet. Dës Technik gouf laang vergiess mee gëtt haut erëm bei verschiddene Systemer genotzt.

Während dem Mëttelalter huet sech dunn déi oppe Feierplaz lues an een zouenen Uewen oder Kamäin verwandelt. Dëst huet net nëmmen de Komfort verbessert (well manner Ofgase am Raum), och d'Sécherheet war méi grouss, wei bei der oppener Feierplaz.

Ëmschwong mat der Industrialisatioun a mam 2te Weltkrich

Érischt während der Industrialisatioun konnt sech Zentralheizung duerchsetzen. Elo gouf d'Hëtzt net méi direkt do produzéiert, wou se och gebraucht gouf, mee an engem separate Raum. Och d'Brennstoffer hunn sech geännert, well d'Holz knapp ginn ass. Esou gouf ëmmer méi Kuel genotzt, spéider dunn och Gas an Ueleg.

Mee eréischt no dem 2ten Weltkrich konnten sech déi nei Techniken an Europa flächendeckend behapten. Dëst, well komplett Stied nei opgebaut misste ginn, an elo Gasleitungen an zentral Verdeelungssystemer vun Ufank un mat ageplangt konnte ginn.

Säit de 70er Jore sinn d'Gedanke vun Ëmweltschutz a Gesondheet an de Stied ëmmer méi opkomm, wat d'Sich no alternativen Heizmethoden ugereegt huet. D'Uelegkris vun 1973 huet dësen Ëmschwong nach méi ugefeiert.

Nei Heizmethode sëtzen sech säit de 70er Joren ëmmer méi duerch

Haut gëtt a ville Stied nach ëmmer mat Ueleg oder Gas geheitst. Bei Neibaute gëtt awer méttlerweil meeschtens op alternativ Méiglechkeeten zeréck gegruff (dëst och zu Gonschte vum Ëmwelt- a Gesondheetsschutz):

- Holz oder Pellets
- Wärmepompe
- Photovoltaik
- Brennstoffzell

Dës ginn och oft a Kombinatioun genotzt, well se verschidde Besoinen erfëlle bzw. sech an hirer Funktiounsweis gutt ergänzen. Dozou kënn, datt een Hautdesdaags beim Bau vun Haiser nach vill méi op d'Isolatioun vun de Baussemauere stëtzt fir de Verloscht vun der Wiermt ze miniméieren. Lëftungsanlage mat Wärmereckgewënnung droen dësem Ziel nach bäi. Esou datt et méttlerweil Haiser ginn, déi guer keen Heizsystem méi brauchen.

Méi propper an ëmweltfrëndlech hëtzen

D'Entwécklung vun der Heiztechnik huet, virun allem an de leschte 50 bis 100 Joer een immense Fortschrëtt gemaach an huet eise Liewenkomfort op ee bis dohinner ondenkbaren Niveau gesat. Net nëmmen d'Notzung ass méi praktesch a komfortabel ginn, och duerch technesch Léisungen bei der Energieeffizienz an dem Verbrennungsvirgang konnt den Ëmwelt- a Gesondheetsimpakt vun der Energieproduktioun däitlech miniméiert ginn.

Manner ass méi, dëst gëllt och beim hëtzen

Trotzdem gëllt, wéi op esou ville Plätzen: "Déi beschte Energie ass déi, déi net genotzt gëtt". Deemo ass et elo un dir ze kucken: "Wéi kanns du däin Energieverbrauch miniméieren?" Mat eise klengen Tipps an Tricks kriss du Iddien an Inspiratiounen. Maach mat, a spuer och du Energie.

Quellen:

Geschichte der Heizung – Der Weg vom Feuer zur Heizungsanlage (heizung.de)

[Link](#)

E KLENGE SCHRËTT FIR MECH, e grouse Schrëtt fir d'Ëmwelt

www.klengschrett.lu



Energieberatung
Lëtzebuerg a.s.b.l.

